Lampertsbierger Geschichtsfrënn a.s.b.l.

gegrënnt 2007

STATUTEN

Art. 1 Numm a Sëtz vum Veräin

De Veräin „Lampertsbierger Geschichtsfrënn" ass den 09. 05. 2007 gegrënnt ginn.
De Sëtz ass op Nr. 75, avenue de la Faiencerie, L-1510 Luxembourg

Art. 2 Grëndungsmemberen vum Veräin

Christiane Bis-Worch 9, Montée d'Oetrange	L-5351 Oetrange	Archäologin
Léon Doemer 9, rue Nicolas Liez	L-1938 Luxembourg	Professer
Sonja Rodesch-Barthélémy 46, rue Ermesinde	L-1469 Luxembourg	Léierin
Anicet Schmit 75, avenue de la Faiencerie	L-1510 Luxembourg	Privatbeamten

Art. 3 Zil an Zweck vum Veräin

1) Déi historesch Vergaangenheet vum Lampertsbierg z'ënnersichen, se opzeschaffen an ze dokumentéieren a se fir spéider Generatiounen z'erhalen.
2) En Archiv ze schafen an z'erhalen (all Zort vu schrëftlechen, bildlechen a materiellen Dokumenter).
3) D'Leit aus dem Quartier fir d'Geschicht vum Lampertsbierg z'interesséieren.
4) Eventuell Publikatiounen z'ënnerstëtzen. Dës Publikatioune ginn am Numm vun deene gemaach, déi dru geschafft hunn. Op all Publikatioun besteet en « droit d'auteur ». Een eventuellen finanziellen Iwwerschoss kënnt den Auteuren zegutt.

Art. 4 De Comité

De Comité besteet aus max. 7, an aus min. 3 Memberen:
Präsident / Sekretär / Keessjee / Memberen
D'Chargen ginn an der éischter Comitéssëtzung no der Generalversammlung verdeelt.

Art. 5 Generalversammlung

1) D'Generalversammlung gëtt eemol am Joer ofgehalen a 14 Deeg am Viraus matgedeelt.
2) D'Generalversammlung wielt d'Memberen vum Comité.
3) D'Generalversammlung bestëmmt 2 Keesserevisoren.
4) D'Generalversammlung setzt d'Cotisatioun fir dat nächst Joer fest.

Art. 6 Memberen

1) All Member bezillt eng Cotisatioun, déi vun der Generalversammlung festgeluegt gëtt. De Minimum ass 5€, de Maximum ass 50 €.
2) Wien d'Cotisatioun net bezillt, ass net méi Member vum Veräin.
3) Ee Member, dee géint d'Ziler an d'Interessen vum Veräin verstéisst an domat dem Veräin Schued mécht, gëtt fir d'éischt vum Comité ugehéiert. Wann et zou kenger Eenegung kënnt, gëtt hie vun der Membersléscht gestrach.

Art. 7 Opléisung vum Veräin

1) D'Generalversammlung décidéiert, ob de Veräin soll opgeléist ginn.
2) Den Archiv geet un den Musée national d'histoire et d'art (MNHA) a soll der Éffentlechkeet zougänglech gemaach ginn.
3) No der Opléisung bestëmmt de Comité, wat fir eng sozial Arichtung aus dem Quartier d'Keess zougesprach kritt.

Fir d'«Lampertsbierger Geschichtsfrënn»

de Präsident
Anicet Schmit

de Sekretär
Léon Doemer